Lëtzebuergesch

# NOHALTEGKEETS CHARTA

2024

Eis Veräiner fir de Klimaschutz

**Gemeng Bartreng**

NaturPakt
Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Natur
50%

KlimaPakt
European Energy Award
Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Klima
50%

Commune de BERTRANGE


eco

*Virwuert*

D'Gemeng Bartreng huet, nom Klimapakt 1.0, den 22. Abrëll 2021 de Klimapakt 2.0 ënnerschriwwen. Dëst Engagement gesäit ënner anerem fir, d'Zäregasen, den Energie- a Waasserverbrauch an d'Produktioun vun Offall um Gemengenterritoire konsequent ze reduzéieren. Fir dës d'Ziler ze erreechen, brauch d'Gemeng Bartreng Ënnerstëtzung vun de lokale Veräiner. Dës Energie-Klima-Ëmwelt Charta soll d'Bartrenger Veräiner mat abanne fir eng nohalteg Zukunft.



# KOMMUNAL GEBAIER



## HEIZUNG A BELËFTUNG

**De Veräin engagéiert sech:**

- Raim net gläichzäiteg ze lëften an ze hëtzen. Bei Bedarf soll op Stousslëften zeréck gegraff ginn
- D'Heizkierper no enger Veranstaltung / Reunioun auszemaachen. Beschtefalls geschitt dat scho wärend der Veranstaltung
- Fënsteren an Dieren no der Veranstaltung / Reunioun zouzemaachen
- Temperaturregler ze benotzen an de Raum net ze iwwerhëtzen



## DRÉNKWAASSER

**De Veräin engagéiert sech:**

- Spuersam mam Drénkwaasser ëmzegoen a waarmt Waasser op dat néidegst ze reduzéieren
- All Defekter engem Responsabele vun der Gemeng respektiv dem Service Technique ze mëllen
- All Krunn richteg zouzedréinen
- De Konsum vum Leitungswaasser bei Versammlungen a Manifestatiounen ze fërderen



## BELIICHTUNG / STROUM

**De Veräin engagéiert sech:**

- D'Beliichtungsanlagen op Sportplazen an a Raimlechkeeten nëmmen esou laang wei néideg anzeschalten
- Um Enn vun enger Veranstaltung d'Luuchten auszeschalten
- Elektroapparater ganz auszeschalten an net am Stand-by Modus ze loossen
- Beim Neikaf vun Elektroapparater op d'Energieklass opzepassen
- Demande fir permanent elektronesch Uschlëss beim Service Technique ze maachen


CO2

# MANIFESTATIOUNEN



## ËMWELTBEWOSST AKEEF

**De Veräin engagéiert sech:**

- » Produiten anzekafen déi regional, saisonal an aus fairem Handel (Emweltlabel) sinn an se ze kennzeechnen
- » Gedrénks a Pfandfläschen anzekafen a keng Plastiksverpackungen ze benotzen
- » Dekoratiounen aus natierleche Materialien ze benotze respektiv d'Deko selwer ze maachen
- » Beim Akafe vun Uniformen nohalteg Krittären ze berücksichtegen nom Prinzip “reduce, reuse, recycle”



## OFFALL

**De Veräin engagéiert sech:**

- » Offall a Verschwendung vu Liewensmëttel ze reduzéieren
- » Offall no de Virgabe vun der Gemeng richteg ze trennen a fachgerecht ze entsuergen
- » Kaf vun eenzel Verpackungen ze vermeiden
- » Geprinte Reklammen ze reduzéieren an zum Beispill op sozial / digital Medien zeréck ze gräifen
- » Publikatioune mat ëmweltfréndlechem Drock op recycléierte Pabeier drécken ze loossen
- » Op de Label “imprimé au Luxembourg” opzepassen
- » Op Werbetafeln zeréckzegräifen an op erëm benotzbar Calicot zeréckzegräifen




## GESCHIER

**De Veräin engagéiert sech:**

- » Erëm verwäertbaart Geschier ze benotzen
- » wa méiglech op de mobille Spullweenchen zeréckgräifen



# MOBILITÉIT



## MOBILITÉIT

**De Veräin engagéiert sech:**

- Fuergemeinschaften ze ferderen, zum Beispill bei Auswärtsmatcher oder bei méi groussen Distanzen
- De Vëlo an / oder den ëffentlechen Transport ze benotzen, respektiv zu Fouss ze goen
- Pläng vum ëffentlechen Transport ze Veräffentlechen; zum Beispill op de Soziale Medien, Internetsite, etc

## PRAKTESCH INFORMATIOUNEN

LËSCHT (NON-EXHAUSTIVE) VUN UNERKANNTEN AN ONOFHÄNGEGE LABELEN

MIR ENGAGEIEREN EIS

## NËTZLECH INTERNETADRESSEN

» **www.greenevents.lu**
Informatiounen iwwert de green-event an nohalteg Planung an Ausféierung vu Manifestatiounen

» **www.oekotopten.lu**
Online-Guide fir en nohaltegen an resource-spuerenden Akaf ofgestëmmt op de lëtzebuerger Marché

» **www.ebl.lu**
Onofhängeg an neutral lëtzebuerger Ëmweltberodungs-Organisatioun mat Affiliatioun vun der Gemeng Bartreng

» **www.enovos.lu**
Informatiounen iwwert de Fond "Nova-Naturstroum"

» **www.nobe.lu**
Informatiounen iwwer nohalteg Beschaffung

» **www.sdk.lu**
Superdreckskëscht; Info iwwer Kreeslafwiertschaft a Recycling

» **www.fairtrade.lu**
Info iwwer Produkter a fairen Handel

» **www.nabu.de**
Internetoptrëtt vum eelsten däitschen Naturschutzbond

» **www.siegelklarheit.de**
Informatiounen iwwer Ëmwelt- an Sozial-Labelen

» **www.sicaapp.lu**
Informatiounen iwwer Offallentsuergung

» **www.sidor.lu**
Informatiounen iwwer Offallveraarbeschtung an Offallreduktioun

PRINTED IN LUXEMBOURG

FSC
www.fsc.org
RECYCLED
Paper made from recycled material
FSC® C008984

EU Ecolabel
www.ecolabel.eu

DER BLAUE ENGEL
weil aus 100% Altpapier
schützt die RESSOURCEN

